GEMENG
KÄERCH

*Eng Aktioun vun der Ëmweltkommissioun an der Gemeng Käerch*



# GROUSS BOTZ Aktioun

**Vum 21. Mäerz bis den 21. Abrëll 2026**

*Iwwerall an eiser Gemeng.*
*Dat néidegt Material gëtt iech zur Verfügung gestallt.*

# START VUN DER AKTIOUN

## SAMSCHDES DEN 21.03.




*Rendez-vous um 9.00 Auer*
*zu Käerch um Gemengeparking*

*Géint 12:30 Auer*
*Restauratioun offréiert*
*fir all Participant*
*am Festsall zu Käerch*

***Konservendousen, Béchsen, Fläschen, Plastikstuten, Pneuen oder Elektroschrott ...alles wat een nom Wanter am Bësch a laanscht d'Weeër fënnt, gehéiert recycléiert a net an d'Natur!***

**Dofir invitéiere mir Iech och dëst Joer nees ganz häerzlech bei eiser grousser Botz an eiser Gemeng matzemaachen, dat vum 21. Määrz - 21. Abrëll 2026.**

*Dat néidegt Material (Tuten, Händschen, Zaangen, Sécherheetswesten...) fir den Zäitraum vun der grousser Botz Aktioun stellt d'Gemeng Iech zur Verfügung. D'Material kann ausgeléint ginn am Gemengenhaus wärend de reguläre Ëffnungszäiten. De gesammelten Dreck kënnt Dir beim Gemengenatelier (rue de la Montagne zu Käerch) ofstellen.*

**Version FR**



# Grouss Botz Fotoconcours

***Fotograféiert Iech bei dëser Aktioun a schéckt eis Är Foto(en) op communication@koerich.lu.***

*Mir maachen Iech drop opmierksam, datt bei dëser Manifestatioun fotograféiert gëtt an Ausschnëtter vun dësem Material op eisem Internetsite/eise soziale Reseaue souwéi Print-Publikatioune publizéiert ginn.*